



suergen, datt knaschteg Energieträger lues a lues verschwannen an hir Importeure méi héich taxéiert ginn, maachen d'Direktiv an déi heiten Transpositioun hinnen d'Dier nach méi grouss op.

Déi 6%eg Verbesserung ka soumat um Pabeier vläicht erreecht ginn, mä a Realitéit gëtt ëmmer méi CO₂ an d'Atmosphär gepompelt. Dozou muss een och nach soen, datt mir als déi Lénk am Dezember 2014 - dat war mäi Virgänger, de Justin Turpel nach - eng Motioun hei abruecht haten, déi genee virun där Gefor gewarnt hat an d'Regierung opgefuerdert hat, fir zu Bréissel ze intervenéieren.

Dat ass, mengen ech, net geschitt. Déi Motioun ass versant, wann een esou wëllt soen. A mir kënnen eis wahrscheinlech och virstellen, firwat. Well kanadesch Energiekonzerner hu mat Hëllef vun hirer Regierung eng grouss Lobby-Aarbecht zu Bréissel gemaach an eng net differenziéiert Approche bei den Energieträger als wichteg Konditioun fir d'Zustanekomme vum CETA-Accord forcéiert, deen ëmmer als esou fantastesch par rapport zum TTIP duergestallt gëtt, wéi Kanada souwisou och esou fantastesch par rapport zu den USA duergestallt gëtt, nëmme well se vläicht e méi charismatesche Premierminister hunn. Mä dat ass d'Iwwerfläch. Et muss een derhannert gesinn.

D'EU-Kommissioun ass doropshin agebrach an huet hir ambitiéis Approche fale gelooss. Ob eis Regierung an dësor Fro einfach just elo den Asaz verschlof huet oder awer a Wierklechkeet d'Zustanekomme vun engem Fräihandelsaccord mat Kanada iwwer klimapolitesch Bedenke gestallt huet, kann nëmme si beäntwerthen.

Dofir, Här President, och wa mir d'Gesetzesännerung u sech ënnerstëtzen, si mer der Meenung, datt déi kruzial a problematesch Punkten net am Gesetz, mä am Règlement grand-ducal stinn. An dofir wäerte mer eis mat Prudence derbäi enthalten.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet d'Madamm Ëmweltministesch.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement*.- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéierten, fir d'Éischt och mengersäits e grouse Merci un de Rapporteur, den Henri Kox, an un d'Virriedner.

All eis Biocarburanten, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, sinn als nohalteg zertifizéiert, no de Virgäbe vun der EU. Dat, fir op dem Här Oberweis seng Fro ze äntwerthen. An et ass esou, dass mer wëssen, dass 40% vun de Biocarburanten aus Offall bestinn. Et sinn nach 13% Palmuelech dran. An ech mengen, all deenen, déi hei schwätzen a soen: „Mir musse méi fir de Klimaschutz maachen a mir musse méi maachen, dass mer eis asetze géint d'Ofholzen“, deene ginn ech alleguerte recht. An dat wëll ech och hei eng Kéier soen.

An ech mengen dofir: Dee sécherste Wee ass wierklech, e Paradigmewiessel am Transport ze hunn. Mir als Lëtzebuerg sinn um Schaffen. Mir investéieren haut ganz aneschters, wesentlech méi an den éffentlechen Transport an an d'duuss Mobilitéit. Mir versichen, léisungsorientéiert ze schaffen. Dofir: Sécherlech, reduzéieren ass dat eenzegt Mëttel, wat op Dauer wäert hëllefen, fir och eis Klimaziler ze erreechen. An ech mengen, dat huet awer jiddwereen heibanne verstanen, mä ech wollt awer trotzdeem eng Kéier präzis op Är Fro äntwerthen: Jo, se sinn als nohalteg zertifizéiert, no Virgäbe vun der EU.

Da wëll ech awer nach eng Kéier, well et awer elo zweemol vum Här Kartheiser hei erwänt gouf, op déi nei Donne zrëckgoen. An ech wëll awer nach eng Kéier och op dësor Bün betounen, dass d'Lëtzebuurger Regierung, an ech mengen, jiddweree vun eis huet dat betount an de leschte Joren, wierklech der Meenung ass, dass den Här Trump wierklech e kolossale Feeler gemaach hat, andeems e versicht, mat Politicken aus dem 19. Jorhonnert d'Defien aus dem 21. Jorhonnert ze léisen, dass e réckwärtsgeriicht Politicke mécht an op Dinosaurier-Technologie setzt amplaz op d'Mënschen, op hir Ëmwelt an op e konsequente Klimaschutz.

An d'ailleurs mengen dat och déi meescht Amerikaner. D'amerikanesch Industrie mengt dat souguer selwer och. En huet jo vill Leit, déi sech méttlerweil vun em ofgewannt hunn. A mir wäerten als Lëtzebuerg sécherlech weider positiv mat de Regiounen zesummeschaffen, och an Amerika! Mir hunn hei zu Lëtzebuerg e Memorandum of Understanding, also e Vertrag, mat zum Beispill Kalifornien a Baden-Württemberg, wou mer wäerte konkret Klimaschutz maachen.

An dat heescht, et sollt ee sech wierklech... An dat fannen ech insbesondere haut immens

traureg, dass Dir elo zweemol mat populisteschen Aussoen hei op dësor Bün versicht hutt, en Doute opzeruffen, ob et wichteg ass, de Verkéier ze reduzéieren, deen eis selwer jo méi schuet awer, wéi en notzt, wa mer all Dag stresseg am Stau stinn a wa mer op d'Verkéisersdoudger kucken, insbesondere weinst schlechter Loftqualität.

Dofir mengen ech, dass et wierklech gutt ass, dass mer eis net Froe stellen iwwert den Impakt, mä d'Fro stellen, wat mir selwer hei am Alldag fir de Klimaschutz wäerte maachen. An do hu mer Iddien, fir d'Leit mat anzebannen, well dorëms geet et, dass mer eng Transitioun hikréien an déi méiglechst schnell, fir déi schlëmm Folge vum Klimawandel, déi mer och hei zu Lëtzebuerg hunn, ze konterkaréieren.

Dann eppes zu den OPJen. Hir Pouvoiren - an do verweisen ech op den Text - si streng limitéiert. A wann et ëm d'Nuecht geet, da musse grav Indicen do sinn, wou dës OPJen, déi awer Spezialiste sinn - de Parquet, dat ass jo méi en Allrounder; hei si Spezialisten - als Spezialiste fir de Parquet operéieren. An dofir ass et awer e wichteg Punkt, dass mer grad, wa mer e grouse Verdacht hunn an Indicen derfir do sinn, kënnen Ëmweltschied a Schied, déi dann och der Allgemengheet herno zulaaschte falen, feststellen.

An ech mengen, dofir sinn de Rôle an déi Pouvoire vun den OPJe gerechtfertegt, well si si streng limitéiert a se limitéiere sech drop, wann et Indice-gravë gëtt. En plus hu se e Mandat vum Juge d'instruction. An ech mengen, dass mer domadder awer déi Fro beäntwert hätten.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

Da si mer um Enn vun eiser Diskussioun iwwert de Projet 7088 ukomm a mer géifen zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7088 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 54-mol Jo, 3-mol Neen an 3 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: M. Gilles Roth;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen: de Projet 7110, eng Direktiv iwwert den Zougang zu genetesch Ressourcen. An de Rapporteur, mir si scho bal dru gewinnt, ass den Här Henri Kox.

8. 7110 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°511/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux mesures concernant le respect par les utilisateurs dans l'Union du Protocole de Nagoya sur l'accès aux ressources génétiques et le partage juste et équitable des avantages découlant de leur utilisation

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox** (déi gréng), *rapporteur*.- Jo. Merci, Här President. Effektiv geet et hei ëm d'Ëmsetzung vun engem europäesche Règlement, och d'Exekutioun dervun. An et geet, wéi virdrun och scho gesot an deem Gesetz vu virdrun, ëm d'Applikatioun vun deenen Accorden oder Protokoller, déi mer international ënnerschreien.

An hei geet et ëm e ganz wichteg Protokoll. Dat ass de sougenannten Nagoya-Protokoll. An deem Nagoya-Protokoll geet et ëm d'genetesch Ressourcen, insbesondere an den Entwécklungslänner. An et geet drëms, e Partage juste, équitable ze assuréieren, dass och déi, déi d'Ressourcen hunn an deene Länner, awer och entspriechend do kënnen dervu profitéieren, wann e Wësse méi do erauskënnt, wéi dat haut de Fall ass.

An ech mengen, de Kolleeg Marco Schank war deemools bei deem Nagoya mat implizéiert. An ech mengen, dass dës Protokoll, dee jo iwwert de Schutz vun der Biodiversitéit handelt, och da muss agehale ginn. An dës Gesetz exekutéiert e Règlement vun der Europäescher Unioun, fir eben dee Protokoll esou gutt wéi méiglech da kënnen anzesetzen, dass dat och agehale gëtt, an dass wierklech déi Länner op eng gewësse Souveränitéit kënnen zrëckgräfen, an dass net op déi sougenannt, wat och schonn haut de Mëtten a verschiddenen Debatten zur Tagung komm ass, ausbeuteresch Aart a Weis virgaange gëtt, wéi dat esou oft de Fall ass an deem Sënn.

Wat beschreift dat Gesetz? Et beschreift natierlech eng ganz Rei vu Méiglechkeeten. Éischens, dass déi Applikatiounen agehale ginn. An dann huet een natierlech an engem demokratesche Rechtsstat Recoursméiglechkeeten. All dat ass implizitt an dësem Gesetz da verankert ginn.

De Statsrot hat awer op engem Punkt eng Opposition formelle, well de Gesetzesprojet d'Propos hat, e Comité virzegesinn. E Comité, deen dann d'Applikatioun, de Suivi sollt maachen. Awer de Statsrot huet eis d'Constitutioun rapeléiert, dass et net um Législateur wär, der Exekutiv virzeschreien, no wéi enger Aart a Weis si dat an hire Kompetenzen ëmzesetzen huet.

An dofir hu mer einfach gemengt als Kommissioun, dem Statsrot ze suivéieren. An dofir hu mer dee Comité interministériel, esou wéi e virgesi war, och aus der Gesetzespropos erausgeholl. Nichtsdestotrotz gëtt et awer intern vun der Exekutiv esou gehandhabt, an dat no Réckspreech mat der Ministesch, déi déi Erklärung an der Kommissioun ginn huet, dass dat souwisou de Fall wäert sinn, dass déi Applikatioun vun deem Gesetz oder deem Protokoll och akribesch dann nogeholl gëtt.

Vläicht just nach zu den Daten. D'Gesetz selwer gouf den 20. Januar 2017 deposéiert. De Statsrot, wéi gesot, huet den 13. Juni säin éischten Avis ginn, mat där Opposition formelle. D'Chambre de Commerce hat och net direkt inhaltlech eppes auszesetzen. Déi huet hiren Avis den 20. Januar 2017 ofginn. A mir hunn de 14. Juni 2017 mech als Rapporteur festgeluecht, wou mer och nach eng Kéier diskutéiert hunn iwwert déi Propos, déi mer dem Statsrot da ginn hunn. An den 21. Juni gouf de Rapport an der Kommissioun eestëmmeg ugeholl.

An ech ginn dann och hei nach eng Kéier den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Marco Schank.

Discussion générale

► **M. Marco Schank** (CSV).- Jo. Merci, Här President. Ech wollt fir d'Éischt dem Kolleeg Henri Kox als Rapporteur vun dësem Projet Merci soe fir de schrëftlechen a mëndlechen Rapport. An hien huet zu Recht gesot, datt de Protokoll vun Nagoya e ganz wichteg ass, e wesentlechen ass, well en eng Aart juristescht Bollwierk géint d'Biopiraterie duerstellt. An dat virun allem, well, ech soen emol déi Länner - déi äermste Länner, hatt ech bal gesot -, d'Entwécklungslänner, awer och Schwellelänner a virun allem indigen Vëlker vun deem Protokoll profitéieren.

Ech wollt awer eng Fro un d'Madamm Minister stellen, well viru Kuerzem ass mer e Rapport an de Grapp gefall vun zwou ONGen, näamlech „Public Eye“ an „Natural Justice“. Déi hunn eng Partie Divergenzen opgewisen an deem Protokoll... éischer Divergenzen tëschent de Legislatioun vun der EU an deene Länner, déi als Fournisseur kënnen wierken, also an der Ëm-

setzung vum Protokoll. An ee vun dës Widdergespréich ass den Ament vun der Acquisitioun vun enger bestëmmter Ressource.

D'EU ass näamlech der Meenung, datt d'Obligatioun vun deem sougenannten „Access and Benefit Sharing“ eréischt an deem Moment spillt, wou den Accès, also de physischen Accès zu enger Ressource spillt. An op där anerer Säit gesäit awer d'Legislatioun vu ganz ville Länner, also sougenannt Fournisseurs, vir, datt d'Obligatioun vun deemselwechten „Benefit Sharing“ schonn da besteet, wann den Accès zu enger Ressource virun der Adoptioun vun dem Protokoll vun Nagoya geschitt ass. An dat ass e ganz wesentlechen Ënnerschied.

An dann ass eng zweet Lacune, déi ech och an deem Rapport gesinn hunn, datt gesot gëtt, datt all Transfer vu geneteschem Material Deel vun engem entspriechenden Accord muss sinn. Mä d'Resultat ass awer dann, datt et quasi onméiglech ka ginn, géint den Accès an déi illegal Notzung ausserhalb ebe vun engem gemeinsamen Accord unzekämpfen.

An duerfir wollt ech d'Madamm Minister froen, ob se déi Doleancen do deelt respektiv ob eventuell Beméiunge sinn op europäeschem Plang oder doriwwer eraus, fir dann do Nobeserungen un där entspriechender Reglementatioun ze maachen.

Ansonste géif ech dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Den Här Negri huet d'Wuert.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Villmools Merci, Här President. An och nach eng Kéier Merci dem Rapporteur Henri Kox.

Ech mengen, mam Protokoll vun Nagoya gëtt de Raubbau vun der genetesch Biodiversitéit gestoppt an den Drëttlänner. An dat begrësse mer. An domadder ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Well alles gesot ass, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei. An ech soen dem Rapporteur da fir d'Veiert de Mëtteg e grouse Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll vläicht mat engem Kommentar ufänken. D'Regierung huet elo gesot, d'Madamm Minister huet gesot, et wär Populismus, vun där neier Donne an Amerika ze schwätzen. Dat ass eng Realitéit! Et ass eng Realitéit, datt dee gréissten Emetteur op der Welt aus deem Accord de Paris erausgeklommen ass! A wann een dat a seng Politik wëllt iwwersetzen a mat an d'Iwwerleeungen erabezitt, dann ass dat ganz einfach...

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Mat Effet 2021, Madamm Loschetter.

...eng Saach vu politescher Verantwortung, fir sech ze iwwerleeen: Wat huet dat fir Konsequenzen op eis Economie, europawäit, lëtzebuergwäit? Gëtt et e Risiko vun „Carbon Leakage“? Gëtt et e Risiko vun Delokalisatioun?

Dir kënnt mat Kalifornien Accorde maachen. Kalifornien huet net déi amerikanesch Schwéierindustrie. Dat ass u sech ganz schéin, mä et ass net d'Léisung vun deenen neie Problemer, déi sech eis stellen am Beräich vum Schutz vun der Atmosphär.

Et ass éischer eppes anescht, wat mer Suerge mécht. Mir mécht Suergen an där ganzer Klimadebatt, zu där mir eis bekennen - Schutz vun der Atmosphär ass wichteg -, mä egal wéi d'Wieder ass: Wann et reent, wann et waarm ass, kënn all Kéiers e Gréngen heihinner: „Et ass waarm dobaussen, et reent dobaussen, mir si kuerz virun der Apokalyps! Et ass eng Katastroph!“ Esou kann een net rasonéieren! An et ass eng Fro: Wëlle mer hei Politik mat Verantwortung a Realismus? Ma dat ass dat, wat d'ADR Iech presentéiert. Oder hätte mer gär eng Politik mat Ideologie,...

(Brouhaha)

...blannemännerches, wou déi gréng wierklech Spezialisten dra sinn?

(Protestations)



Mir hunn hei eng Partei, déi gréng, dat ass déi, déi Politik mat der Angscht wëllt maachen, déi all Kéiers, wa Wolleken um Himmel sinn, seet: „Passt op, wat mer musse maachen! Dir musst gréng wielen, well soss lafe mer an d’Katas-troph eran!“ Dat ass sécher falsch!

Wat dee Sujet hei ugeet, do wëll ech awer der LSAP an der DP soen, datt se sech vun deene Gréngen iwwert den Dësch zéie gelooss hunn!

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat hei ass keen...

(Brouhaha)

Dat ass keen Ëmweltschutzdossier, den Accord vun Nagoya. Et ass en ekonomeschen Dossier, LSAP! Et ass e Fuerschungsdossier, DP, well et geet drëm, eisen Industrien hei am Land, eise Fuerschungen an Europa an zu Lëtzebuerg en einfachen Zougang zu genetesch Ressourcen ze ginn, ouni Bürokratie, mat engem Quellschutz, ouni wa méiglech Problemer fir Transportfirmen, déi déi Saachen transportéieren, an ouni datt déi Industrien oder Fuerschlaboratoiren all hir Sourcë mussen all Kéiers opleeën!

Dat ass de Sënn dervun: Schutz vun der Industrie, Schutz vun der Fuerschung! An Dir hutt den Dossier. A wat maacht Der? Dir maacht alt erëm eng Kéier d’Police judiciaire, d’Administration de l’environnement, alt erëm eng Kéier parallel Parqueten. Dat ass eng gréng Politik, déi eigentlech d’Interesse vum Land an dësem Dossier verkennt. An ech kann der LSAP an der DP net felicitéieren, datt se lech déi Méiglechkeet do ginn hunn!

Mir als ADR - ech soen et nach eng Kéier -, mir si ganz gäre bereet, um Ëmweltschutz voll mat-zeschaffen, awer éischtens, an engem realistesch Kontext,...

(Interruption)

...mat Verantwortung, ouni de Leit Angscht ze maachen, am Interessi och vun eisen ekonomeschen Akteuren, well vun deene lieue mer, a schlussendlech ouni parallell Justiz an ouni parallell Polizei opzebauen. An dowéinst stëmme mir dee Projet hei net mat.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Et voilà!

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet d’Maddamm Ëmweltministesch d’Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l’Environnement.*- Ech soe vun hei aus dem Rapporteur e grouse Merci, dem Här Schank fir seng Remarquen och e Merci. Ech schaffe selwer am Moment am Klimaberäich vill fir indigen Vëlker. Mir hunn hinnen elo gehollef, eng Plattform ze schafen, well mer einfach mierken, wéi ongerecht...

An, Här Kartheiser, et deet mer leed, ech mengen, dass Dir awer do d’Realitéit verkennt. Wa jiddweree géif esou wirtschaften, wéi mir wirtschaften, an dat an alle Beräicher, da wär dat desastréil! An ech mengen, dass mir eis sollten alleguer fir méi Gerechtegkeet setzen a virun allem derfir asetzen, dass mer eis natier-

lech Ressourcen, déi d’Basis vun eisem Liewe sinn, well ouni Aerd, ouni Buedem, ouni Waasser, ouni... an, kënne mer eigentlech weder wirtschaften nach liewen. Dofir ass et awer wichteg, dass mer eis Basis erhalen.

Et geet och net drëm, Angscht ze maachen. Et geet hei drëm, dass mer zesumme mat alle Länner eng méi gerecht Welt... Hei schaffe mer géint d’Biopiraterie. Ech soen dem Här Schank Merci fir seng Umierkungen. An ech kucken dat ganz gären no.

Fir de Rescht soen ech deenen anere Fraktiounen Merci fir d’Ennerstëtzung op dësem Feld. An ech mengen, dass mer hei verantwortlech handelen am Interessi vu jiddwerengem, wa mer deem heiten zoustëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci.

Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir géifen iwwert de Projet 7110 ofstëmmen.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7110 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmung fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen.

An d’Ofstëmmung ass eriwwer: 57-mol Jo, 3-mol Neen. De Projet ass mat grousser Majoritéit ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes (par Mme

Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Sidd Der dermat d’accord, fir d’Dispens vum zweete Vott ze froen?


(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Villmools Merci! Ech ginn lech Rendez-vous den nächsten Dëschdeg.

An d’Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 17.24 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Communications

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

3. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

4. Interpellation de M. André Bauler au sujet des effets potentiels d’une sortie du Royaume-Uni de l’Union européenne sur la place financière internationale de Luxembourg et

Heure d’actualité du groupe politique CSV au sujet de la feuille de route pour la sortie du Royaume-Uni de l’Union européenne

- Exposé de l’interpellation: M. André Bauler

- Exposé de l’heure d’actualité: M. Laurent Mosar (dépôt de trois motions et d’une résolution)

- Débat: M. Marc Angel, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Roy Reding, M. Marc Baum, M. Franz Fayot

- Prises de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- M. Laurent Mosar (parole après ministre), M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Motions et résolution: M. Laurent Mosar

- Résolution 1: M. Marc Angel, M. Marc Baum, M. Laurent Mosar, M. Marc Angel, M. Jean Asselborn,

Ministre des Affaires étrangères et européennes (intervention de M. Claude Wiseler), M. Claude Wiseler

- Vote sur la résolution 1 (rejetée)

- Motion 1: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Laurent Mosar

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

- Motion 2: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Laurent Mosar, M. Marc Baum

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

- Motion 3: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, M. Laurent Mosar, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, M. Félix Braz, Ministre de la Justice (interventions de M. Claude Wiseler)

- Vote sur la motion 3 (rejetée)

5. 6997 - Projet de loi modifiant le Code pénal et le Code de procédure pénale, en vue de transposer la directive 2014/62/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 relative à la protection pénale de l’euro et des autres monnaies contre la contrefaçon, et remplaçant la décision-cadre 2000/383/JAI du Conseil

- Rapport de la Commission juridique: M. Franz Fayot

- Discussion générale: M. Gilles Roth, Mme Simone Beissel, Mme Josée Lorsché, M. Gast Gibéryen

- Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Jean Asselborn, M. Félix Braz et M. Pierre Gramegna, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.34 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- E gudde Mëtteg, léif Kolleeinnen a Kolleegen! Ech maachen heimat d’Sëtzung op a froen de Premierminister, ob d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Dat ass am Moment net de Fall, mä dat kënnt sécher herno. Ech soe Merci.

2. Communications

An ech hu folgend Kommunikatiounen un d’Chamber ze maachen:

1) D’Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

2) D’Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an der Administratioun erakomm sinn, ass un d’Fraktiounen an un d’Sensibilitéit verdeelt ginn.

Communications du Président - Séance publique du 4 juillet 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l’Administration parlementaire:

7154 - Projet de loi portant création d’une représentation nationale des parents et portant modification

1. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l’enseignement fondamental,

2. de la loi du XXXXXX ayant pour objet l’organisation de la Maison de l’orientation,

3. du Code de la sécurité sociale

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse, le 30.06.2017

7155 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l’accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers